

Es darf in der Landwirtschaft und in der Lebensmittelproduktion nicht soweit kommen, dass multinationale Monopole uns kontrollieren, manipulieren und abzocken, wie es im Internet durch Facebook, Amazon und Google bereits der Fall ist. Damit wird unsere Zukunft verspielt. ■

## Fir eng zäitgeméiss Drogepolitik

### D

D'Bierger solle selwer entscheiden, ob a wéi eng süch-  
teg maachend Substanze si konsuméieren wëllen!

Hautzedaags, an enger opgeklärter a selbst-  
bestëmmter Gesellschaft, kann de verantwor-  
tungsbewosten Ëmgang mat süchteg maachende  
Substanzen de Bierger zougetraut ginn. Mat konse-  
quenter Oplärungs- a Suchtpräventiounsarbeit  
soll de Bierger och ëmmer opgekläert bleiwen, an  
et läit och a senger eegener Verantwortung, sech  
opzeklären.

Den Ënnerscheid tëscht erlaabten a verbuede-  
nen Droge berout méi op Traditioun, wéi op mede-  
zineschen a wëssenschaftlechen Tatsaachen, wat Kri-  
minaliséierung eiserseits onnéideg mëscht. Alkohol  
zum Beispill ass och eng legal Drog, déi deelweis vill  
méi verheerend Schied uriicht ewéi illegal Droge, ass  
awer traditiounsgemäß erlaabt.

### Entkriminaliséierung vum Drogekonsum

D'Problematik vum Drogekonsum erschléisst sech  
aus dem Abus vu süchteg maachende Substanzen – e  
Problem net vun der Justiz, ma vum Gesondheetssy-  
stem. Drogenofhängeg dierfen net méi wéinst hirem  
Krankheitsbild kriminaliséiert ginn. Suchtverhalten  
ass eng Krankheet, déi behandelt muss ginn ouni  
datt d'Affer aus Angscht viru Strofen op eng Behand-  
lung verzichten. Dowéinst fuerdert d'Piraterpartei,  
datt Persoune mat engem Suchtverhalten all mede-  
zinesch Méiglechkeet gebuede kréie fir aus eegenem

Undriff d'Verhalen ofzestellen. Gläichzäiteg fuerdere  
mir psychologesch Berodunge wéi och sozial Agliede-  
rungsnoosname fir Réckfäll ze vermeiden.

### Fir Cannabis-Legalisierung

De Besetz vu Cannabis zum Eegekonsum sollt fir Voll-  
järeger entkriminaliséiert ginn an esou d'Behörden  
ze entlaaschten. D'Dokteren sollten och selwer ent-  
scheede kënnen, ob se wëllen cannabinoidhaltig Me-  
dikamenter verschreiwen oder net. Dei Medikamenter  
solle mat anere verkéiersfähige Medikamenter gläich-  
gestallt ginn. ■



Christian Welter

–  
Lamadelaine

–  
Student

–  
Piraten

–  
*politisch aktiv seit 2017*